N°7544
Entrée le 02.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Aarbechtssichender, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, an déi de Statut vun engem Travailleur handicapé hunn, kënnen an Ateliers protégés eng Plaz fannen. Dës Plaze sinn allerdéngs limitéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit mam Statut Travailleur handicapé stoungen den 31. Dezember 2022 op enger Waardelëscht fir eng Schaff an engem Atelier protégé ze kréien?
2. Wéi laang muss den Travailleur handicapé am Duerchschnëtt waarden, vu der Aschreiwung op d´Lëscht bis zu dem Dag wou e kann ufänke mat schaffen? Wéi hunn dës Zuelen an deene leschte 5 Joer evaluéiert?
3. No wéi enge Krittäre gëtt dee fir den Travailleur handicapé zoutreffensten Atelier protégé eraus gesicht? Wien decidéiert dat?
4. Kann de Gestionnaire vun engem Atelier protégé den Travailleur handicapé och ofleenen, also hien net astellen?
   Wa jo, no wéi enge Krittären?
5. Wéi wäit däerf d'Aarbechtsplaz vum Travailleur handicapé vu sengem Wunnsëtz ewech sinn?
6. Wien ass haftbar wann en Travailleur handicapé an engem Atelier protégé sech op der Aarbecht verletzt?
7. Zu wéi villen Aarbechtsaccidenter ass et an deene leschten 10 Joer an den Ateliere komm?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten